

DI KLENG DÄNN

Di kléng Dänn jéimert virun sech hin. „Oh kuck mech nemmen! Wéi sin ech esou ellen! Ech hun vill ze mann Äscht an méng Noolen sin esou kuerz! An kuck daat gring! Wéi ech daat hellgring haaseen! Déi aaner Beem heiremer hun all schéin Farwen, nemmen ech fillen mech esou ellen.!

Kuck emol d'Laafbeem dohannen, waat sin si esou schéin farweg, besonneg am Hierscht. Roud, orange, giel, brong, schwarz an heiansdo och en besseren gring. Wéi schéin muss et sin en Laafbaam ze sin.!” Esou souert si schon säit Deech.

Déi grouss Dännen lauschteren hier gedelleg no an laachen hier fier se en besseren opzemonteren. Mais du kanns der jo vierstellen, dass di kléng Dänn dovun net besser gelaunt gouff. Am Géigendeel, si huerelt nemmen: „Esouguer méng eegen Dännenfamill laacht mech aus. Waat hun ech dach en armeséilegt Liewen!”

An wéi si esou voll Rooserei em sech jätzt, mierkt si am éischten Moment net daat en kléngen Villchen op éngem vun hieren ierweschten Äscht Plaatz geholl huett. Den Villchen laacht net, wéi en der Dänn hiert Leed héiert. Nee, heen kuckt ganz betraff an matleedeg dran. „Méng léif Dänn, et deet mär wirklech Leed. Däin Liewen muss jo ganz schéin schlemm sin. Ech froen emol méng Frenn am Besch, ob villäicht een vun hinnen wees wéi där ze hellefen ass.“ An schon ass heen verschwonnen an ass no kuerzer Zäit erem komm matt éngem Hues, éngem Réihbock an éngem Fuuss.

Wéi d'Déieren der Dänn hiert onglécklecht Gesiit gesin hun, waren si sech all eens: déi hei Dänn ass déi ellenst hei am Besch. An zesummen hun si iwerluecht, wéi sie der Dänn hiert Schicksal verbessern kinnten. Den Hues huett geméngt: „Ech fannen déng Récksäit méi schéin fier déng viischt Säit“. Den Réihbock huett sech déi Saach ugekuckt an war ganz d'accord, an och den Fuus huet mam Kapp gewénkt an gesoot: „Wéi wär et wanns du dech beim Wuessen en besseren eweg vun der Sonn dréih's? Ech hun gesinn daat esou muenchen Baam sech wirklech dréihen kann matt beharrleschem Strécken.“

Do war di kléng Dänn en besseren getréischt. Endlech huett een hieren Misère erkannt an wollt hier hellefen. Si huett sech direkt drugin an den Root befollegt. Si huett sech en besseren vun der Sonn eweg gedréiht an huett direkt am Stamm wéi kritt. Aawer, ween schéin well sin muss leiden, an matt hierem starken Wellen huett si et tatsächlech no 3 Wochen Strécken gepackt sech en hallwen Millimeter ze dréihen. Et wärd wuehl nach en puer Joer daueren bis déi schéin Récksäit voll zu Geltung kennt an si huett sech emmer virun gebéiht.

Si huett mam Gejéimers opgehaalen an huett emmer en besseren gestresst, mais ganz couragéiert ausgesinn.

Wéi no éngem Joer zoufälligerweis den Réihbock laanscht komm ass, huett d'Dänn him zougeruff: „Salut, Kolleeg! Wéi gesin ech aus? So mol, sin ech schéin?“

Den Réihbock huett kaum en Ennerscheid kennen feststellen zum Joer virdrun, mais heen wollt d'Dänn net enttäuschen an dofier huett en gesoot: „Jo, gewess, wanns du esou weider meschs, dann bass du d'nächst Joer nach méi schéin“.

„Merci“ soot d’Dänn an huett en bessen gestraht. Direkt huett si sech erem drugin sech nach méi wäit ze strécken. Hiert Gesiicht woar erem tapfer an stréng.

Den Réihbock huett nach frendlech gewonk an ass sénger Wee gaangen. Och den Villchen ass den selweschten Daach laanscht komm fier ze kucken wéi et dier klénger Dänn giff goen.

„Villchen, mäin Kolleeg, so emol, sin ech schéin?“

Den Villchen huett kaum en Ennerscheed zum läschten Joer gesin, ausser datt Dänn en ganz verbassent Gesiicht huett. Aawer heen war en éierlechen Villchen an wollt der Dänn wirklech hellefen. „Léiw Dänn, et deet mer leed, mais ech gesin ausser déngem stréngen Bléck kaum éng Verännerung.“

Vun lauter Schreck vergesst d’Dänn hier Positioun anzehaalen an brellt drop lass: „Du Heuchler! Du Mellen! Gesäis du dann net wéi ech mech beméihen schéin ze sin an wéi wäit ech mech schon gedréiht hun?“

En bessen verdaddert, mais emmer nach éierlech seet den Villchen: „Majo nee.“

„Dann géih, du toopeschen Villchen! Dech well ech hei net méi gesin!“

Den Villchen huet nach Äddi gesoot an ass virun geflun.

Aawer irgendwéi huett déi Saach him kéng Rouh geloss. Heen konnt d’Dänn gudd leiden an wollt hier emmer nach hellefen. Dun ass heen déi weis Eil besichen gaangen, déi net wäit vun him eweg am Besch wunnt.

Wéi heen den Misère vun der Dänn bis beschriwen haat, huett d’Eil geméngt: „Et ass am ganzen Besch bekannt datt ech d’Begabung hun fier an d’Zukunft ze kucken. Ech kann dier verscheren, datt déi kléng Dänn geschwenn ganz schéin ass; esou schéin wéi si sech et emmer gewenscht huett.“

„Jo, mais léiw Eil, waat kann ech der Dänn dann soen fier si en bessen ze tréischten?“

„Majo, soo hier si soll ophaalen sech ze verrénken, well geschwenn fällt en wonnerschéint Kleed fier si vum Himmel. An si wärd schéin sin, sou schéin, datt keen aaneren Baam, weder Laafbaam nach Noolenbaam méi schéin ass wéi si. An en schéinen Bonjour vun dier weiser Eil. Daat kanns du hier soen.“

Séier, esou séier wéi heen nemmen fléien konnt, ass den Villchen zréck bei dei kléng Dänn geflun fier hier di gudd Noriicht ze bréngen. Aawer, wéi heen um iweschten Aascht wollt landen, huett d’Dänn him entgéint gejaut: „Maach dech nemmen eweg, du Verräter! Ech well näischt méi vun där héieren!“

„Ma Dännebeemchen, léiwen, kléngen, traureschen Dännebeemchen, ech hun éng Noriicht vun dier weiser Eil aus dem Besch. Si seet, du solls ophaalen dech ze strécken an du solls op en schéint Kleed warden waat geschwenn fier dech vum Himmel fällt, an dann ass keen méi schéin wéis du.“

„Ha!“ lacht den Dännebeemchen verbattert, „ech gleewen dier keen Wuert“, an si ass virun gefuehr matt hieren Stréckübungen.

„Du wärs gesinn...“ zwitschert den Villchen an flitt fort.

En puer Méint sin vergaangen an et war Kreschtzäit wéi den Villchen sech un den Dännebeemchen erennert huett an heen konnt net aanescht wéi dohinner fléien.

Et huett geschneit, an d’Rees huett duebel esou laang gedauert wéi normal, an wéi den Villchen endlech ukomm ass, huett heen den Dännebeemchen net fond. Wou heen och hin gekuckt huett waren schéin wäiss Formen an allen Gréissten. Wéi heen schon wollt emdréihen an erem heem fléien wollt, huett heen éng Stemm héieren déi him kenneg an och net virkomm ass.

„Salut Villchen, mäin Frend! Hei sin ech! Gesäis du wéi schéin ech sin!“